Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2024

***Léif Frënn vum natur musée***

Wéi schon ugekënnegt, sidd Dir häerzlech invitéiert op eis

***2-Dagesreess an den Hallerbos an op Bréissel***

***Samschdes a Sonndes, de 13.a 14. Abrëll 2024***

**Programm Samschdes**

**7:15 Auer: RDV um P&R Bouillon**

**7:30 Auer: Départ vum Bus**

**10:00 Auer: Arrivée am Hallerbos**, südlech vu Bréissel: www.hallerbos.be .



Den Hallerbos ass och als „bloe Bësch“ bekannt a gehéiert zu de schéinste Bëscher déi et gëtt. Am Fréijoer, ab Mëtt Abrëll, verwandelt sech de Bësch an en eenzegaartegen bloen Teppech aus Hyazynthen (*Hyacinthoides non-scripta*). Zesumme mat engem lokale Guide maache mir eng Wanderung vu +/- 7 km duerch de Bësch. Ënnerwee Picknick (aus dem Rucksak) op Bänken am Bësch.

Nomëttes Weiderfaart op Bréissel

**15:30 Auer**: Visite vum Naturmusée vu Bréissel, dem **Institut des Sciences naturelles de Belgique**. Hei konzentréiere mir eis bei der Féierung mat engem Spezialist op déi gréisste Sauriergalerie vun Europa mat de bekannten Iguanodons de Bernissart. Duerno fräi Visite bis 18.00 Auer.

**Géint 18:30 Auer**: Arrivée am **Hotel Ibis Châtelain**

Owesiessen an engem Restaurant direkt niewendrun (Entrée, Haaptplat, Dessert, ouni Gedrénks)

**Programm Sonndes**

**9:00 Auer**: nom Moiesbuffet, **Départ mam Bus** fir op Tervuren

**10:00 Auer : Musée royal d'Afrique centrale** oder einfach AfricaMuseum:



www.africamuseum.be/fr . Hei kréie mir eng Féierung zum ganz aktuellen Thema vun de „Ressources naturelles" :

*Au cours de cette visite, l'accent est mis sur l'extraction des ressources naturelles de l'Afrique centrale. L'exploitation minière, la sylviculture, l'agriculture et l'urbanisation seront également abordées. Nous chercherons à comprendre pourquoi l'une des régions potentiellement les plus riches du monde souffre toujours de la pauvreté.*

Nom Mëttegiessen am Restaurant Tembo vum Musée (Plat + Gedrénks), fräi Visite vum ganze Musée oder Visite vum herrleche Site mat Schlass, Park a Weieren.

**16:15 Auer: Retour op Lëtzebuerg**

**19:00 Auer: Arrivée zu Lëtzebuerg um P&R Bouillon.**

**Präis** : Alles abegraff wéi am Programm: Busfaart, Entréeën a Visitten an de Muséeën, Owesiessen a Mëttegiessen an Iwwernuechtung am Ibis Châtelain

- ***Am Duebelzëmmer: 275 €***
- ***Am Eenzelzëmmer*: 340 €**

**Umeldung**: Sidd Dir interesséiert dru mat de Frënn vum natur musée op Bréissel ze reesen, da mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech a ***bis spéitstens den 2. Abrëll*** un op info@amnhn.lu . (max. 24 Leit: 8 Duebelzëmmer + 8 Eenzelzëmmer).

Fir eventuell Froen: info@amnhn.lu

*Am Viraus Merci fir Ären Interessi un eiser Reesss a mat beschte Gréiss!*

Marie-Paule Welter
Trésorière

Geneviève Faber
Sekretärin